

Lëtzebuerg, den 18. November 2021

Här Fernand ETGEN  
Chamberspräsident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden:

*„Am Hierscht an am Wanter, wann et méi däischer dobausse gött, klëmmt och de Risiko, dass et zu Accidenter am Stroosseverkéier kënnt. Besonnesch Foussgänger a Vëlofuerer sinn an deem Kader enger besonneger Gefor ausgesat, dowéinst ass et wichtig, dass si gutt siichtbar sinn am Stroosseverkéier.*

*Déi lescht Joren gouf zesumme mat der Sécurité Routière eng Sensibiliséierungscampagne mam Motto „Gitt siichtbar – réfléchissez – Sidd opmierksam – regardez“ organiséiert, fir eben d’Foussgänger a Vëlofuerer drop hinzewisen, wéi wichtig eng gutt Visibilitéit an der däischerer Joreszäit ass, a gläichzäiteg d’Autofuerer ze sensibiliséieren gutt opzepasst. Allerdéngs ass eis opgefall, dass dëst Joer bis elo keng sou eng Sensibiliséierungscampagne organiséiert ginn ass.*

*An deem Kader wollt mir dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet folgend Froe stellen:*


- Wat sinn d’Grënn, firwat dëst Joer keng Sensibiliséierungscampagne organiséiert gött?*
- Sinn d’Häre Ministeren der Meenung, sou eng Campagne sollt reegelméisseg, am beschten all Joer, organiséiert ginn?“*

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu

Mat déiwem Respekt,



Max HAHN  
Deputéierten



André BAULER  
Deputéierten